Impfcampagne

Ech loosse mech
impfen!

LU

Phas 3

Leit vun 74→70 & **signifikant vulnerabel Leit**

Wéi ugekënnegt no der Decisioun vum Regierungsrot vum 29. Januar, betrëfft d'Phas 3 vun der Impfcampagne Awunner aus der Alterskategorie vu 70 bis 74 Joer, ugefaange bei deenen eelsten (Phas 3a), esouwéi signifikant vulnerabel Leit opgrond vun hirem Gesondheetszoustand (Phas 3b).

Et handelt sech em follgend Krankheeten:

- **Immundefizienz**
  - » medikamentéis : Immunosuppresseuren, Biotherapie an/oder eng Kortikotherapie op laang Dauer mat immunosuppressiven Dosen
  - » HIV-Patiente mat CD4 <200/mm³
- **Schwéier chronesch Otemweeerkrankung**
  - » Schwéier chronesch obstruktiv Bronchopneumopathie (BPCO), Stadium GOLD 3 a 4, Grupp D*
  - » Mukoviszidose
  - » Schwéier chronesch Longefibros
  - » Schwéieren onkontrolléierten Asthma (Niveau 5 no GINA) mat oraler Kortikotherapie
- **Schwéier kardiovaskulär Krankheet**
  - » Häerzinsuffizienz Stadium NYHA III oder IV#
  - » Onstabil koronar Häerzkrankheeten
- **Staarken neuro-kognitiven Defizit (MMS° < 20)**
- **Chronesch Niereninsuffizienz mat Dialys**
- **Zirrhos am Stadium B oder C vun der Child-Pugh-Klassifikatioun**
- **Fettleibegkeet (Body Mass Index > 40 kg/m²)**

Wéi huelen ech e Rendez-vous?

Leit vun 74→70

Leit déi vun der Phas 3a betraff sinn, also Leit déi tëschent 70 a 74 Joer al sinn, kréie mat der Post eng Invitatioun vum Gesondheetsministère geschéckt, mat ausféierlechen Uweisunge fir e Rendez-vous an engem vun den Impfzenter ze huelen. Berodung an Ënnerstëtzung kritt Dir och op eiser Helpline ënnert der Nummer (+352) 247-65533.

signifikant vulnerabel Leit

Leit, déi laut Definitioun vun der Phase 3b als signifikant vulnerabel gëllen, kënnen sech iwwert hiren Dokter fir d'Impfung aschreiwe loossen a kréien dann hir Invitatioun mat der Post geschéckt. D'Invitatioune gi verschéckt esoubal d'Impfstoffer geliwwert ginn.



Helpline Santé
247-65533